Abrëll

# AAH NEWS 2008




**Action Avenir Haïti asbl**

41a Montée Willy Goergen

L - 7322 Steinsel

Tél.: 33 55 36

www.aah.lu

CCPL: LU81 1111 2342 0345 0000









# VIRWUERT

Op dëser Plaz seet ee President ëmmer Merci, an dat wëll ech natierlech och maachen.

Virun allem deene ville Leit déi eis dëst Joer erëm finanziell ënnerstëtzt hunn, mat Done vu Listes-de-Naissancen, Kommiounskanner, Familljefester, Parrainagen, a fir déi vill aner Suen déi mir iwwert dat lescht Joer vun Iech iwwerwise kruten.

Fir eis Aarbecht ass et schéin ze gesinn, dass dir eis, an eise Partner op Haiti, äert Vertraue schenkt.

Action Avenir Haïti ass eng kleng Associatioun, an ass domat och op dëst Vertrauen ugewisen.

Eis Projeten op Haiti sinn och kleng, dofir awer iwwersiichtlech, a ginn am enke Kontakt mat eise Partner ausgeschafft , ausgefouert an awer och gelieft.

Et ass een Deel vun eisem Liewe ginn, an et vergeet bal keen Dag méi, wou mer net un d'Rivière Froide denken.

Dofir wëll ech och dem Komitee félicitéieren, e Komitee, dee wierklech super als Team fonctionnéiert, an deen, wann et drop ukënnt, ganz Aarbecht leescht, an zesummesteet.

Dëst Joer kënne mer roueg behaapten, dass mer dat Wuert ACTION gelieft hunn: vill Manifestatioune beweise ganzen Asaz:

- Fonduesowend zu Miersch;
- Mammendaagbrunch zu Steesel;
- Grille beim Cactus.

Dëst geet awer net ouni vill Leit, déi gären hëllefen, a sech och kenger Aarbecht ze schued sinn. Merci och all deene Fräiwëllegen, déi eise Komitee bei esou Aktiounen ënnerstëtzt hunn.

Virun allem de Projet de Sensibilisation «Haïti Existe», an Zesummenaarbecht mam OTM, huet eis gudd op Trapp gehalen, a mécht dat ëmmer nach. Een Highlight dovunner war sécherlech de Festival am November 2007, ëm dee sech awer nach vill aner Actiounë gesammelt haten. De Lionel an de Barthol woren an dësem Kader dräi Wochen eis Gäscht, a mer konnte Villes zesummen erliewen. Besonnesch interessant woren a bleiwen d'Visiten a Schoulklassen, wou een ëmmer erëm feststelle kann, dass eis Kanner a Jugendlech wierklech intresséiert sinn, a wou si beweisen, dass hinnen de Rescht vun der Welt net egal ass. All d'Manifestatioune vum Projet de Sensibilisation sollen op d'Mëssstänn, déi et an Haiti gëtt, opmierksam maachen. Si hu sécherlech net onbedéngt den Zweck fir Fongen ze sammelen, mä sollen hëllefen, dass d'Mënschen erkennen, dass eise Luxus zum Deel um Bockel vun anere Leit ausgedroë gëtt.

De Rescht vun eisem Numm, AVENIR HAITI konnte mer dëst Joer leider net sou grouss schreiwen. All eis Projeten hunn zwar funktionéiert, awer méi schwéier a lues. Eis Visioune fir d'Zukunft, wéi zum Beispill de Kaf vum Schoulgebai, goufen duerch verschidden administrativ a rechtlech Hürden ausgebremst. Op Haiti ass net alles sou einfach; kleng, a fir eis onkomplizéiert Saachen, kënnen do zum Problem ginn, an huelen deementspriechend vill Zäit a Nerven an Usproch. Eise grousse Projet op der Rivière Froide bleift awer de Kaf vun deem Schoulgebai. No laangem hin an hir mam Propriétaire a mam Sous-locataire schénge mer lo awer kuerz virum Kaf ze stoen. D'Legalisatioun vun AAH op Haiti huet och nees en neien Ulaf geholl, sou dass mer freedeg an zouversiichtlech an d'Zukunft kucken.

Voilà, ech wëll dann ophalen ewéi ech ugefangen hunn: mat all deene Merci soen déi eis op iergendeng Aart a Weis gehollef hunn, sief et mat gudden Ideeën, Aarbechtsstonnen, Suen, a virun allem Versteesdemech fir ee Liewen, dat sou anescht ass ewéi dat wat mir hei kennen.

Rob Theisen

# MENG ERLIEWNISSER AN HAITI

Am August war ech op Haiti, wou ech zu Port-au-Prince den Alex vun Objectif Tiers Monde begéint hunn, mat deem ech sollt fir 2 Woche Projeten dohanne besichen, souwuel Projeten vun AAH wéi och vun OTM.

Schonns de Flug vun New York op Port-au-Prince, als eenzege Wäissen tëscht elauter Haitianer, war typesch haitianesch: haart Gejäiz, Geschwätz, Diskutéieren a Gesank... Natierlech alles op créole. Si fannen hier Plaz net, sinn entsat dass d'Mall iwwert hirem Sëtz scho voll ass, schleefen 2-3 Handgepäck u Bord, sou dass och nach an dee leschten Eck eng Valiss gedrätscht gëtt, an d'Fraen oft méi wéi een Hutt um Kapp hu fir Plaz ze spueren. Ee klenge Jong huet mer ganz stolz seng nei wäiss Turnschlappe gewisen; a sengem Gesiicht huet een dat haitianescht Laache gesinn, dee Stolz an di Freed an di onermiddlech Motivatioun aus all Situatioun dat Bescht ze maachen. Dëst Laache mécht, dass ee wéi vun engem Virus infizéiert, ëmmer erëm zeréck an Haiti goe wëllt.

Ech hunn di zwou Woche bei ënnerschiddlechen haitianesche Famille geschlof, an hat esou d'Chance e klengen Abléck an hiren Alldag ze kréien.

De „bain haïtien à la belle étoile" huet all Owend esou richteg gudd gedoen: eng Betonkabaischen, en Eemer Waasser, eng kleng Schossel an ee Stéck Seef... an dat ënnert engem risege Stärenhimmel! Einfach super! Plumpsklo mat Kakerlaken an ouni Daach, wat zimlech ongemittlech ass wann et reent, war schonn e bëssi méi abenteuerlech, mä awer nach ëmmer vill besser wéi eng importéiert amerikanesch Toilett di net funktionéiert.

Dës Kéier hunn ech och just haitianesch giess: op der Strooss mol eng kleng Plastikstiitchen à emporter kaf, mat engem klenge frittéierte Fësch, e puer Accra, e puer „bananes bouillies" an e puer „patates douces". Wéi ech dee Fësch sollt iesse wousst ech net, hunn alt probéiert en sou gudd et goung mat de Fanger auserneen ze kréie fir d'Sprenzen erauszehuelen. Wéi d'Eveline dat gesinn huet, huet hat misse laachen, well Haitianer iessen de Fësch einfach ganz, fänke beim Kapp un an hale beim Schwanz op! Sou gudd Mangoen, Kokosnëss a gegrillte Mais hunn ech nach ni giess. Eng gudd Schlupp haitianesche Rhum huet nom Iessen net däerfe feele fir gesond ze bleiwen. D'Haitianer sinn immens gaaschtfrëndlech. Hire Besuch kritt hiert Bett, an däerf net um Buedem schlofen, do nëtzt keng Diskussioun eppes, dat ass einfach esou. Fir d'éischt kritt de Gaascht eppes z'iessen, och wa fir si selwer dann net méi vill do ass. Aus deem allerleschten Ee krut ech eng Omelett gemaach! Ech iesse keng Eeër, mä hunn se do awer giess, well ech grousse Respekt do virdrun hat. Dat eenzegt wat ech wierklech refuséiert hunn, war Mëllech a Waasser wat net vun engem Distributeur koum.

Owes souze mer oft bei Käerzen oder Petrolsluten zesummen an hunn iwwer Gott an d'Welt geschwat. An zwar wuertwiertlech iwwer Gott an d'Welt. Haitianer sinn ee ganz gleewegt Vollek, souwuel Adventisten wéi Katholiken a Voodoo-Unhänger. Si probéiere sech alles mat Jesus oder mat Gott z'erklären.

«M'ap vini a 5 heures, si Dieu veut», dat heescht falls net eppes dotëschent kënnt

## AUGUST 2007









«Dieu est le Créateur, Dieu nous a crées! Je n'ai jamais vu un singe se changer en homme et en plus en moun blanc! Impossible, non?»

Dat ass einfach hir Iwwerzeegung. Wann hei ee Kand dat géif soen, da géife mer schmunzelen, mä si soen dat esou iwwerzeegend, dass et engem net no laachen ass, et ass ee just erstaunt. Si probéieren een ëmmer erëm an ee reliéist Gespréich ze verwéckelen, well si Matleed mat eis hunn, si wëllen dass all hier Frënn um éiwege Liewen Deel huelen, an dat ass just méiglech wann een un alles aus der Bibel gleeft. De Jesus hëlleft hinnen aus all Situatioun eraus a beschützt si. Ech mengen ouni dee Glawen, wäre si net esou motivéiert ëmmer erëm opzestoen, dat Bescht aus all Situatioun ze maachen, an net opzeginn. D'Iwwerliewen ass do wéi ee Wonner. Si wëssen haut net ob se muer eppes z'iessen hunn, an hunn och weider kee Plang fir Zukunft. Si liewen an den Dag eran, a kucke wat en esou bréngt. Do gëtt et weider keng Sécherheet ausser hirem Glawen.

Ass een an Haiti, muss ee sech e bëssi vum haitianesche Liewensrhythmus ustieche loossen, an alles e bësse méi lacker gesinn, soss kann ee liicht d'Nerve verléieren.

Sou ware mer fir di meeschte Versammlungen ze spéit un, entweder et war erëm ee „Blocus" op der Strooss, eng Bréck iwwerschwemmt oder futti, de Floss hat zevill Waasser sou dass een net konnt duerchfueren, oder d'Strooss war voller Steng a Lächer.

Ech war och grad di Zäit zu Port-Salut op der Küst, wéi den Hurrican Dean an der Karibik getoobt huet. Och do war et net fir sech opzereegen, well geännert hätt dat souwisou näischt. D'Bridder hunn awer just ee Fernsehkanal emfaangen, dee vun der Martinique koum, an natierlech weider keng Noriichten iwwer Haiti iwwerdroen huet. Wéi ech de Frère Manno gefrot hunn, ob de Stuerm a Richtung Haiti ënnerwee wär, huet hie just geäntwert: „On ne sait pas, peut-être il viendra, peut-être il ne viendra pas, on verra.» Moies wéi et du wierklech zerguttst gestiermt a gereent huet sot hien :«Voilà, il est là!» D'Leit souze virun hiren Haiser an hu gewaart, si wollten net fort, och wann et beim Waasser geféierlech war. Si wollten op hiert Haus „oppassen" an am Noutfall souvill wéi méiglech retten. Wéi schonns gesot, tëscht deenen zwou Liewensastellunge leie Welten.



Ech hat dës Kéier och d'Méiglechkeet an d'Land, an d'Mornen eranzefueren, well den Otm do Projete lafen huet. Wann een do duerch d'Mornen, Hiwwelen, spadséiert, kréie Wierder wéi „ wäit", „Natur" a „Fräiheet" eng ganz nei Bedeitung. Et begéint ee bal kee Mënsch, heiansdo mol een Haischen, oder e puer beieneen, oder ee Bauer um Feld... Een Hiwwel um aneren, eng Morne un der anerer, biergop, biergof, an hannert all Morne verstoppt sech eng aner Perspektiv op eng wonnerschéi Landschaft, mat deem eenzege Nodeel, dass weider kee Bam méi do steet. D'Taïnos hunn deemools hiert Land net fir näischt „Ayiti", „hiwwelegt Land", genannt.

Am Kader vun eisem Projet de Sensibilisation „Haïti Existe" war ech mam Barthol op de Marché en Fer fir nach Muséksinstrumenter fir an di pedagogesch Kofferen ze besuergen. Do hunn ech eng zum Deel bekannten an trotzdem speziell Erfahrung gemaach. Dee Maart huet un een arabesche „Souk" erënnert, an awer war et anescht. Dobannen ass et relativ däischter, an ee Stand ass op deen anere gedrätscht. Hei gëtt et vun allem: Spéngelen, Coifferen, falsch Hoer, Uebst Geméis, Bicher, lieweg Hénger, Schildkröten, Geessen, Fleesch, gekachten Iesswueren, Voodoo-Artikelen, Konschthandwierk, Kichegeschier.... Jidderee jäizt, zitt a rappt un engem bis se mierken, dass een net alleng als Wäissen do ass, mä mat Haitianer. Dunn hu se ugefaang op de Barthol anzerieden, well se gemierkt hunn, dass ech net vill géif verstoen, bis de Barthol säi „Kolleg" gesinn huet. Et ass praktesch hei op dëser Plaz ee Kolleg ze hunn. Dee „Kolleg" kennt de Maart näämlech wéi seng Boxentäsch an et brauch een deem just ze soe wat ee sicht, an hie bréngt dann d'Händler aus allen Ecke bei een. Zweete Problem war de Präis: Moun Blanc huet méi Geld a bezilt dann och méi.

Wann een an Haiti eppes wëllt an Zesummenaarbecht mat Haitianer erreechen, ass et a mengen Aen onëmgänglech dohinner ze goen. Et ass wichteg perséinleche Kontakt mat hinnen ze hunn, sou dass ee lues a lues eng Vertrauensbasis kann opbauen. Et kritt een e klengen Abléck an hiert Ëmfeld, wat meilewäit vun eisem ewech ass, an hiert Liewen a léiert esou Land a Leit besser kennen an zu engem klengen Deel ëmmer e bëssi besser verstoen. Saachen déi hei selbstverständlech sinn, wéi zum Beispill ee Keesenticket als Beleg dass een eppes kaf huet, sinn an Haiti onmoosseg komplizéiert, well do vill Stänn op der Strooss sinn an der Verkeefer oft mol säin eegenen Numm net ka schreiwen an net versteet firwat e soll do ee „Kräiz" maachen.

All dës Erfahrunge ka keen E-Mail, keen MSN, keen Telefon a kee Buch ersetzen, déi muss ee selwer maachen, fir ze erkenne wat ee vun deene Leit heiansdo verlaangt, wann ee mat hinnen zesummeschafft.

Dani Ferres







# PROJET DE SENSIBILISATION

# " HAÏTI EXISTE "

Zesumme mam OTM hate mer lescht Joer décidéiert ee Projet de Sensibilisation ënnert dem Numm «Haïti Existe» ze lancéieren. Dëse Projet gouf cofinanzéiert vum Ministère des Affaires Etrangères. No laangem Hin an Hir krute mer den Accord du schlussendlech am Mee.
Dëse Projet besteet u sech aus zwee Deeler: éischtens Dokumentatiounsmaterial iwwer Land a Leit hirstellen, an zweetens d'Leit vun hei mat Hëllef vun dësem Material fir Haiti sensibiliséieren. Un éischter Stell geet et eis drëm, de Leit ze weisen, dass Haiti, net ze verwiessele mat Tahiti, d'Nopeschland vun der dominikanescher Republik ass, eent vun deenen ärmste Länner vun der Welt, an dat ärmsten vum ganzen amerikanesche Kontinent. Dobäi war et eis besonnesch wichteg souwuel di schéin, ewéi och di problematesch Säit vun Haiti ze weisen.
Fänke mer einfach emol vir un!

**FESTIVAL "HAÏTI EXISTE"**



**BIISSERWEE**



**SCHOULEN**



**TAPTAP**



**EXPO "BELLE ETOILE"**



**DOKUMENTATIOUNSMATERIAL:**

Fir d'éischt goufe Panneaue mat Foto an Text entworf, déi d'Situatioun an Haiti aus ville Perspektive weise sollten (Educatioun, Economie, Emigratioun, Geographie, Geschicht, Gesondheet, Handwierk, Konscht, Ofholzung a Waasser) sou wéi och d'Projete vun deenen zwou Associatiounen, AAH an OTM, déi ganz engagéiert an Haiti schaffen.

Parallel zu de Panneaue sinn och nach 3 „coffres pédagogiques" mat Dokumentatiouns- an Austellungs-material zum Thema Haiti an Aarbecht. Uschléissend kënnen déi vu Schoulklassen ausgeléint ginn.

Extra fir dëse Projet ass een neien Internetsite entstanen, deen all eis Aktiounen dokumentéiert: www.haiti.lu

**AKTIOUNEN:**

## 1. Biisserwee

Eis éischt Aktioun war, vum 25. bis de 29. Juli 2007 am Biisserwee, wou mer ee Stand mat eise Panneauen, ee Verkafsstand vun haitianesche Konschtartiklen, eng Fotoausstellung vum Patrick Galbats, an ee Concerts-owend mam Bob Bovano a Pluspoint organiséiert haten. Leider war net all zevill Reklamm fir di ganz „Aktioun Biisserwee" vum Ministère aus gemaach ginn, an de Succès dunn och deementspriechend geréng.

## 2. Aarbecht an de Schoulen

Am November waren dräi Haitianer op Lëtzebuerg komm, fir um Projet matzeschaffen. Dëst waren de Barthol (AAH), de Lionel (AAH) an de Mérant (een haitianesche Skulpteur). Si hu virun allem a Schoule geschafft, de Kanner Erklärunge ginn, wéi si dohanne liewen, a mat hinne Stengskulpturen, Holzskulpturen an haitianesch Biller gemoolt. Dës Aktiounen hunn a folgende Schoule stattfonnt:

Ecole primaire de Steinsel
Lycée Technique Agricol
Lycée Technique Mersch
Lycée Technique du Centre
Neie Lycée

Mä net ze vergiessen:
zesumme mat den Haitianer hu mer selwer een TapTap, een haitianesche Bus, ugestrach. Merci nach eemol de Lëtzebuerger Guiden a Scoute vu Luerenzweiler, dass si eis hir Camionnette dofir zur Verfügung gestallt hunn.

## 3. Festival

Eis nächst grouss Aktioun war de Festival „Haïti Existe" vum 23. bis de 25. November 2007 am Centre Culturel zu Luerenzweiler. Freides-owes war eng offiziell Aweiung vun deenen zwou Fotoausstellunge vum Alice Smeets a vum Patrick Galbats, mat uschléissend zwee haitianesche Filmer, „Port-au-Prince au Goutte à Goutte" an „The Agronomist".

Samschdesowes war ee Concerts-owend mat „Pumpkin Headz" (eng Schülerband aus dem Neie Lycée), „Claudine Muno and The Luna-boots" (L), Pluspoint (L) an Marlène Dorcéna, eng haitianesch Sängerin.

Sonndesmëttes war ee grousst haitianescht Iesse fir all di Leit déi un deem Festival matgeschafft a matgewierkt hunn, mat enger uschléissender Fotoshow „Haïti en couleurs" an engem Débat public ënnert dem Thema „Quel avenir pour Haïti ?".

## 4. Expo Belle Etoile

Ganz rezent hate mer eng grouss Ausstellung „Haïti Existe" an der Belle Etoile, wou mat Hëllef vu Panneauen, Maquetten, Fotoen, Konschtartiklen, Powerpointpräsentatiounen, an Ausstellungsmaterial zu verschiddene Beräicher (Konscht, Schoul, Iessen, Geographie, Produits du Territoire), an engem Molconcours fir Kanner versicht ginn ass, de Leit dëst Land méi no ze bréngen.

Fir dës Ausstellung gouf och neit Dokumentatiounsmaterial gedréckt:

- een neien Dépliant, deen duerch Fotoen, Statistiken an Erzielungen Haiti mat Lëtzebuerg vergläicht, mä gläichzäiteg och di zwou kontrovers Säiten (Paradäis an Hell) vun deem Land opweist
- eng Broschür mat all eise Panneauen am Klénge fir doheem a Rou nozeliesen.

## 5. Cinémathéik

Ufank Juni ass och nach eng Woch an der Cinémathéik, wou haitianesch Filmer gewise gi mat uschléissender Diskussiounsronn mam jeeweilege Réalisateur.

**SCHLUSSWUERT:**

Dee ganze Projet géif ech mengen, war bis elo e grousse Succès an huet souwuel bei Kanner wéi och bei Erwuessene groussen Uklang fonnt. En huet eis muenchmol vill Nerven an Zäit kascht, mä schlussendlech war et d'Saach awer wert.

Op eisem Site vum Projet „Haïti Existe", www.haiti.lu, fannt Dir selbstverständlech méi Informatiounen zu eisen Aktiounen.

# EN AUSFLUCH AN D'BIERGER



Ech hat mer dëst Joer virgeholl dem Barthol an dem Félix seng Elteren an de Bierger ze besichen.
Trotz der Warnung vum Barthol, et wär zimlech ustrengend, hunn ech mer déi Saach net ausschwätze gelooss. De Lionel, de Barthol an ech si Freides op Jacmel gefuer, eng flott Stad am Süde vun Haiti, wou mir am Hotel de la Place iwwernuecht hunn. Um 4 Auer moies ass et lass gaangen, dem Nuetswiechter Merci soen, datt en sou gudd op de Jeep opgepasst huet, an dann an der Däischtert duerch Jacmel. Ausserhalb vun der Stad geet et a Richtung Nordoste bis bei d'Flossbett vun der "Gosseline". Vun der "Strooss" ass net méi vill iwwereg bliwwen. Wéi op sou vill Plazen an Haïti, ass d'Flossbett an deene leschte Joeren, a Jorzéngten ëmmer méi grouss ginn, well d'Waasser wat aus de Bierger kënnt, alles maträisst, an iwwereg bleift dann eng puer honnert Meter breet Schneis duerch d'Bierger. Am Flossbett leeft e klenge Rinnsal, deen iwwerhaapt net dat duerstellt, wat hei wahrscheinlech lass ass, wann e ganz décke Reen erofgeet.

Et ass eng richteg Steewüst, an de Barthol huet Schwieregkeete fir de Wee ze fannen, well deen no all gréisserem Reen nees frësch definéiert muss ginn. E puer honnert Meter hannert eis gesäit een d'Luuchte vun engem Camion. Mir décidéiere fir ze waarde bis de Camion laanscht ass, an eis dann hannendrun ze hänken. Hie weist eis de Wee, deen eis annerhallef Stonn flossopwärts féiert a mir musse mindestens 15 mol duerch d'Waasser fueren, ei dat mécht Spaass.

Mëttlerweil ass et sou lues hell ginn, a mir kommen zu MARBIAL un, eng kleng Uertschaft um Enn vun der Welt, e puer Haiser beieneen, eng Schoul, eng Kierch, e Parhaus, eng Maarthal, an natierlech wéi ëmmer wahnsinneg vill Leit. Hei ass et richteg schéin, besonnesch moies fréi wann d'Sonn opgeet, net souvill Dreck a Kaméidi an Auspuff-gasen wéi zu Port-au-Prince.

Mir stellen den Auto bei d'Paschtoueschhaus, pake genuch Waasser an de Rucksack, a lass geet et. No engem Kilometer laanscht de Floss geet et biergop an d'Mornen. "A l'attaque" seet de Barthol. Et sollt e schwéiere Kampf ginn. Mëttlerweil ass d'Sonn eraus an dréckt eis schéin op de Réck. Iwwer e klenge Pad geet et ëmmer weider biergop. Bësch ass net vill do, et ass eng zimlech kal an hiwweleg Landschaft. Bei all Bam, dee mer begéinen, gëtt eng Rascht gemaach. De Lionel an de Barthol sinn déi Hëtzt an déi Ustrengung gewinnt, a gesinn nach ganz frësch aus. Bei mir ass et genee de Géigendeel, et ass eng mega Ustrengung, an ech muss ëmmer méi Pause machen. Heiansdo gesäit een e Bauer mat engem Heel um Feld schaffen, e Feld, dat meeschtens eng Neigung vun 30 bis 40 Grad huet. Si musse sech schéi ploen hei fir hiert Ackerland ze beplanzen.

Et geet nach ëmmer weider biergop. Mir hu schonns mindestens de 4. oder 5. Hiwwel hannert eis gelooss, a ganz wäit ewech gesäit een d'Flossbett wou mir den Auto stoe gelooss hunn. No 2 Stonne si mir menger Meenung no mindestens schonns op 800 bis 1000 Meter. Et geet e bësse riicht weider iwwert e Kamm, deen 2 Bierger matenee verbënnt. "Pas de problème Jemp, dans 10 minutes, nous sommes là", seet de Lionel. Vu datt haitianesch 10 Minutten ongeféier der normaler Zäitrechnung 30 Minutten entsprie-chen, si mir dunn endlech no 2 an enger ½ Stonn ukomm.

De Barthol huet mir du gezielt, datt hien als Kand dee Wee all Dag huet misse maache fir erof op Marbial an d'Schoul ze goen, dat wär net einfach gewiescht.... Ech kann et bal net gleewen!!! All Dag dee Wee do erof an och nees erop, ... fir mech bal onvirstellbar. Jo, an seng Mamm, déi giff 2 mol an der Woch erof goen, mat Wueren um Kapp fir ënnen um Maart ze verkafen. "Wéi al ass deng Mamm dann?", froen ech. De Barthol äntwert, si wär tëschent 60 a 70 Joer, genee wéisst keen dat. Ech fänken un en onwahrscheinleche Respekt virun deene Leit ze kréien. Doheem fuere mir all Meter mat eisem Auto, beschwéieren eis wann de Bus Verspéidung huet, a loossen eis soss all Méigleches afalen, rsp. bezuele fir eis Lidderegkeet ze förderen.
Hei an de Bierger vun Haiti hunn d'Leit e schwéiert Liewen, a sinn trotzdem zefridden, frëndlech an héiflech. Mir soll kee méi eppes ziele vu lidderegen Haitianer, déi jo selwer Schold sinn un hirem Misär. Dat ass alles absolute Quatsch!

Mir sinn dann och schonns ukomm beim Barthol sengen Elteren. Hiert Haus steet op engem20-Meter breede

Biergkamm, lénks a riets geet et mindestens 40 Grad erof. Et stinn op dëser Plaz en etlech Beem, wou een angenehm am Schied sëtze kann. D'Aussicht ass genial, et ass einfach eng megaschéi Plaz, mee et huet een d'Gefill et wär een um Enn vun der Welt. em Barthol seng Eltere sinn immens fein a léif, sDchwätzen awer nëmme Créole. Mir haten zwar eppes z'iessen matgeholl, mee et war guer net néideg.  Den Tony, dem Barthol säi Brudder war schonns deen Dag virdrun eropkomm fir unzekënnegen, datt Besuch kéim. Sou hate si extra eng Geess geschluecht, a fir eis gekacht.

Nodeems mir gudd giess a genuch Schadecke-Jus gedronk, genuch Fotoe gemaach, an honnert Mol Merci gesot haten, hu mir eis dunn nees op de Wee fir erof gemaach. Dir kennt iech jo virstellen, datt et biergof besser geet wéi erop, sou datt mir no enger gudder Stonn nees beim Auto waren. Ech hat d'Schung voller Féiss, an alt nees an dësem schéine Land eng aussergewéinlech Erfahrung gemaach fir mäi Liewen.

Jemp Beck







AAH Lëtzebuerg an AAH Rivière Froide soen nach eemol villmools Merci fir déi generéis Donen!

Déi Sue komme praktesch zu 100% de Leit an Haiti ze gudd. Mir sinn eng kleng Associatioun an hu bal keng Adminstratiounskäschten, well Fligerticket an Op-enthaltskäschte bezilt jidderee selwer.

# RECETTES 2007




Am Joer 2007 sinn iwwer 42'000 € erakomm.